

M. Nico Loes (CSV).- Här President, an der Hoffnung, dass d'Kannerrechter an Zukunft ëmmer méi schnell a méi respektéiert ginn, géif ech dem Här Calmes merci soe fir säi Rapport an och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ginn.

M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, ech schléisse mech de Wierder vum Här Loes un. Den Här Calmes huet fir d'éischt iwwert de Contenu vum Gesetz geschwat. Et ass am Fong eng Formsach, déi mer hei vollzéien, well verschidden Accore bei all klenger Erweiderung nees mussen de Wee duerch d'Parlamentar maachen.

Dat ass awer fir verschiddenen Traitée geännert ginn, wou da virum Parlament nach e Gremium ageschalt ass, dat den Accord gi kann, wann zum Beispill e Comité erweidert gëtt oder wann e bestëmmte Ministère duerch en anere Ministère an deem Comité ersat gëtt.

Déi zweet Iwwerleeung, déi den Här Calmes gemaach huet, bezitt sech op de Fong. Et kann een och nëmmen d'Chamber an déi zoustänneg Kommissioun invitéieren, fir op dësem Terrain vun der Kannerrechtskonventioun weiderzeschaffen.

Ech bréngen natierlech den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, mir si selbstverständlech och domat d'accord, dass deen Zousatz zur Konventioun soll gestëmmt ginn a mir hoffen, dass d'Weltöffentlichkeet dat zur Kenntnis hëlt.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir stëmme selbstverständlech dëse Projet.

M. le Président.- Den Här Minister Goerens huet d'Wuert.

M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.- Ech géing deene verschiddenen Intervenanten an merci soe fir déi Froen, déi se opgeworf hunn, notament och dem Rapporteur, deen awer Froe gestallt huet, déi am Fong iwwert den eigentlechen Text vun dësem Gesetz erausginn. Ech géif och déi zoustänneg Instanzen invitéieren, fir Diligence ze maachen an där doter Matière, well mir gewonnen net u Crédibilitéit wa mer déi Saache schleefe loosse.

Ech soen Iech nach eng Kéier merci fir Ären Asaz, wat dëse Projet de loi ubelaangt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmme driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4579.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir dee Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi 4579 ass unanime mat 57 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Claude Wiseler), Marcel Glesener (par M. Willy Bourg), Jean-Marie Halsdorf (par M. Marco Schank), Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Nicolas Strotz), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par Mme Nelly Stein), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Xavier Bettel), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jean Colombero), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4518. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Meisch.

5. Projet de loi 4518 portant approbation des amendements à l'Accord relatif à la conservation des chauves-souris en Europe, adoptés à la première session de la quatrième réunion des Parties, qui s'est tenue à Bristol, du 18 au 20 juillet 1995

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Claude Meisch (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Projet de loi 4518, iwwer dee mer hei wëllen diskutéieren an ofstëmmen, approbéiert d'Amendementen zum Accord iwwer de Schutz vun de Fliedermäis an Europa, wéi se vum 18. bis den 20. Juli 1995 zu Bristol ugeholl goufen.

Dës Amendementen sinn nëmme vu beschränkter Importenz fir de Grand-Duché, well se virgesinn, dass eng weider Zort Fliedermäis ënnert d'Applikatioun vum Accord vu London aus dem Joer 1991 fällt. Et handelt sech dobäi ëm déi europäesch Zort *Tadarida teniotis* vun der Famill vun de *Molossidae*. Dës Zort war am Accord vun 1991 erausgehale ginn.

Dës Fliedermäis fanne mer haaptsächlech ronderëm d'Mëttelmier a si sinn an eise Regiounen u sech net unze treffen. Mat der Famill vun de *Molossidae* sinn elo déi dräi grouss europäesch Gattungen vun de Fliedermäis hei am Land geschützt.

Dëse Projet de loi bitt eis d'Geleeënheet, op dëser Plaz nach eng Käer iwwer de Schutz vun de Fliedermäis am Land ze schwätzen a speziell op déi rezent Fortschreiter hincweisen, déi mir an deem Beräich an deene leschte Jore gemaach hunn.

An Europa kenne mer 31 verschidden Zorte vu Fliedermäis, vun deenen der 19 am Land ze fanne sinn. Besonnesch wuel fille se sech an de Kasematten, an deem engen oder anere verlossenen Tunnel, awer och nach an de fréiere Miniëren am Süde vum Land. Sämtlech Fliedermäis sinn hei am Land ënner Schutz gestallt, wat noutwendeg gouf, well de Liewensraum fir dës eenzegartege an aussergewöhnlech Déieren ëmmer méi rar gëtt. Eenzegartege dowéinst, well et déi eenzeg Säugetiere sinn, déi fléie kënnen. Aussergewöhnlech, well se mat engem perfektem Echolotsystem duerch hir Ëmwelt navigéieren.

Déi typesch Plazen, wou d'Fliedermäis sech dagsiwwer ophale kënnen, ginn ëmmer méi zréckgedrängt, wéi zum Beispill al Scheieren oder Späicherer, huel Beem, Höhlen, an esou weider. Awer och den Asaz vu Pestiziden an der Land- a Forstwirtschaft mécht de Fliedermäis ze schaffen. Doriwwer eraus gëtt deen eenzegartege Liewensraum an den Höhlen an zousehends duerch sportlech Aktivitéite gestéiert. Schlussendlech fënnt dee sensiblen Navigatiounssystem vun de Fliedermäis sech an enger Landschaft, déi ëmmer méi gradlinneg an aarm un natierlechen Unhaltspunkter gëtt, net méi erëm.

Schonn zënter 1972 stinn duerch e Règlement grand-ducal sämtlech einheimesch Zorte vu Fliedermäis ënner Schutz, Schutz, deen an de Joren 1982 an 1986 nach weider ausgebaut ginn ass, wéi eben och duerch den Accord vun 1991.

Dësen Accord seet, dass déi Fliedermäis net däreffe gefaangen oder doutgemaach ginn, hiere Liewensraum ze schützen ass, Sensibiliséierungscampagnen, Recherchen a konkret Projekte fir hir Protektioun gefördert solle ginn. Och sinn d'Pestiziden oder Holzschutzmittel, déi

fir d'Fliedermäis geféierlech sinn, duerch aner Substanzen ze ersetzen.

Wat ass elo zënter d'Chamber den Accord vun 1991 iwwer de Schutz vun de Fliedermäis approbéiert huet, konkret geschitt?

Duerch e communautairé Projet: "Life nature", ass et an deene leschte véier Joer gelongen eng Rei vu Réckzuchsméiglechkeeten, fir d'Fliedermäis ze reserveréieren. Esou goufen eng Rei vu Grotten an Höhle mat engem Gitter zougemaach, wat et de Fliedermäis erlaabt, sech do zréckzezéien, aneren ongebedene Gäscht awer de Wee verspéert.

Och ass op där enger oder anerer Plaz probéiert ginn, fir de Fliedermäis e besseren Zougank ze erméiglechen. Als Beispill sinn do d'Kasematten an der Stad, d'Schiefergrouwen zu Pärle oder de Barrage vu Stengefort ze nennen.

Erwähnenswäert ass och nach e Fuerschungsprojet, dee vun der Administration des Eaux et Forêts finanziert gouf. An de Joren 1987, 1988 sinn de Liewensraum wéi och d'Ernährungsgewunnechte vun zwou Aarte vu Fliedermäis, dorënner de seltene "grand rhinolophe" ënnersicht ginn.

E weidere konkrete Projet leeft zurzäit am Weste vum Land, wou ënner anerem d'Kierchendeich renovéiert ginn, a wou bei där Geleeënheet speziell Zougäng fir d'Fliedermäis integréiert ginn.

Mir gesinn, dass esou munches geschitt, fir och an engem héichentwéckelte Land wéi Lëtzebuerg d'Liewensraum vun de Fliedermäis ze erhalen. Dat Zil verdängt allerdéngs eis permanent Ustrengungen an Opmerksamkeit, well schnell geroden déi kleng Déieren, déi bekanntlech mënscheschei sinn, an déi mir net oft zu Gesiicht kréien, erëm an de Vergiess.

Ech géing Iech bidden, dëse Projet de loi ze stëmmen, wat meng Fraktioun och wäert maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Nico Loes.

Discussion générale

M. Nico Loes (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och wann de Rapporteur vläicht Schwierigkeiten hat mat dem laténgge Numm, esou hunn ech awer gemengt feststellen ze kënnen, dass en e Spezialist ass vun de Fliedermäis.

Mir hunn eis vun him iwwerzeege gelooss, a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Am Numm vun onser Fraktioun wollt ech natierlech den Accord zu dësem Projet de loi bréngen, awer zwou Remarque bäifügen.

Selbstverständlech wëll ech dem Rapporteur félicitéieren, fir déi profund Sachkenntnis iwwer d'Gebitt vun de Flëntermais, well ech fonnt hunn, dass en eng ganz Partie wëssenschaftlech Donnéeën bruecht huet. Dat ass doduerch ze erklären, well mer am Land eng Partie Leit hunn, déi sech intensiv mat deem Gebitt befaassen. Am naturhistoresche Musée gëtt et eng Mme Engel, déi eng ganz gutt Kennerin vun deem Gebitt ass.

Eng zweet Remarque wollt ech maachen iwwer den allgemengen äusserlechen Aspekt vun all deene Projeten, déi mir de Mëtteg um Ordre du jour hunn. Ech konstatéieren ëmmer erëm, dass een esou technesch Rapporten eigentlech nëmme ka maachen, wann een an der Majoritéit ass. Dat muss eng gewësse Weisheet ginn, wann een an der Majoritéit ass, well d'Opposition, déi ka jo esou Rapporten net maachen. Dat verhënnert awer net, Här President, dass mer ons asetzen, fir dass déi technesch Rapporten an deenen eenzelne Kommissiounen, ob Ëmweltkommissioun, aussepolitisch Kommissioun oder aner Kommissiounen, méi gläichméisseg, besonnesch, wa se keng politesch Aspekter touchéieren, tëschent Opposition a Majoritéit opgedeelt ginn, well all Deputéierten, mengen ech, wär kapabel, dat ze maachen.

Dat gesot, bréngen ech onsen Accord zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hate virun e puer Joer eng zimlech animéiert Diskussioun an der Chamber, an där och d'Flantermais eng Roll gespillt hunn, an zwar ass et ëm d'Kallekwierk vu Waasserbëlleg gaangen an ëm den Dépôt vu Flugstëbs vum Sidor am Kallekwierk zu Waasserbëlleg.

Eent vun deenen Argumenter, firwat ee keen Dépôt sollt maachen an deem Kallekwierk, war, dass ganz wichteg Kolonië vun enger bestëmmter Zort vu Flantermais an deene Galerien doheem wäeren.

Mech wonnert, wann an dësem Rapport net méi vun deem Site geschwat gëtt. Ech hoffen, an do wäert de Minister eis Opklärung ginn, dass dat net heescht, dass elo nees probéiert gëtt, fir d'Kallekwierk vu Waasserbëlleg als Dépôt vun iergendengem Rescht vu Gëfstëbs virzugesinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President. Den Här Scheuer huet mir elo e bësse virgegraff.

Mir freeën eis natierlech driwwer, dass d'Tadarida teniotis an Zukunft och zu deene schützenswäerten Aarte gehéiert. Si ass, wéi et schéngt, de Moment nach net hei vertruueden, mä wann dat mam Zäreneffekt esou virugeet, wéi eis gréng Kollege fäerten, dann ass et méiglech, dass déi Aart sech och deemnächst eng Kéier heiuewe presentéiere wäert. Da si mir natierlech frou, wa se dann och hei als schwützenswäert ugesi gëtt.

Ech wëll mech de Wieder vum Här Scheuer uschléissen, wat d'Kallekdolomitgalerien ubelaangt. Tatsächlech ass do eng vun deene bedeutendste Kolonië vu Flidermais hei am Land. Mir si selbstverständlech frou driwwer, dass déi weiderhin a Rou, wéi mir hoffen, kënnen de Wanter verbréngen an hir Jong dran opzillen.

Dann ass e Wuert gefall, wat engem e bëssen ze denke gëtt. Den Här Rapporteur huet drop higewisen, dass d'Flidermais drënner ze leiden hunn, dass an der Landwirtschaft, der Forstwirtschaft an och vläicht anerwäerts Pestiziden agesat ginn, déi, well d'Flidermais Insekten fänken a vun hinne sech ernähren, sech schiedegend op hiren Organismen kënnen auswirken. Dat ass eppes, wat eis alleguer muss ze denke ginn, an ech wëllt zum Ausdrock bréngen, dass mer eis géinge glécklech schätzen, wa mer mat Hëllef vun de Flidermais, déi ganz vill Insekten fänken - wann een d'Statistike kuckt, dann ass dat scho verwonnerlech, si verdillegen op d'mannst esou vill Insekten, wa se genuch vertruuede si wéi d'Vullen, och wann ee se net gesäit, well se meeschtens nuets ënnerwee sinn -, et géinge fäerdebréngen, op déi chemesch Insektenvertilger kënnen ze verzichten.

Mir hunn dofir alleguer Ursaach, fir dëse Projet ze stëmmen, an och ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Statssekretär Eugène Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëllt och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierlechen a gudden Bericht, respektiv deene verschiddenen Intervenanten.

Et ass schonn e puermol erwähnt ginn, dass déi verschidde Flëntermaispopulatiounen deelweis bedroht sinn, engersäits well hir Nahrungsquellen ëmmer méi kleng ginn, anersäits well een deelweis vun enger "crise de logement" bei där Populatioun ka schwätzen.

D'Noutwendegkeet vun der Protektioun vun de Flidermais ass erkannt ginn, net nëmme hei zu Lëtzebuerg mä och op europäeschem an internationalem Plang. Et gëtt och eng Rei Instrumenter, fir déi Protektioun virzehuelen. Engersäits gëtt et um internationalen Niveau d'Konventioun vu Bern, wou et ëm den Aarteschutz an d'Liewensraum geet. Et gëtt d'Konventioun vu Bonn, wou et ëm den Aarteschutz an ëm d'Migratiounsraum geet. Insbesonnesch den Accord vu London, wou et méi spezifesch ëm d'Protektioun vun de Flidermais geet, a wou de Rapporteur méi prezis drop agaangen ass.

Et ass am Kontext vun dem Accord de Londres, wou mer dee Projet de loi hunn. D'Amendement, déi zu Bristol ugeholl gouwen, gesi vir, dass déi eng Zort vu Flidermais, déi am Accord vum 4. Dezember 1991 vergiess gi war, elo och an d'Annexen opgeholl gëtt.

Da gëtt et um europäeschen Niveau nach eng gemeinsamen Démarche, fir d'Flidermais iwwer d'Habitat-

Direktiv ze protégéieren, wou verschidde Réseauë vu Schutzzone sollen entstoën.

Schlussendlech gëtt et zu Lëtzebuerg eng ganz Rei effikass Instrumenter, fir d'Flantermais ze schützen. Ech denken un d'Naturschutzgesetz vun 1982, awer och un d'Reglement vun 1986 iwwer d'Protektioun vu verschiddenen Déierenaarten, insbesonnesch sinn Initiativen an de leschte Jore gelaf, déi ech hei ganz kuerz wëll ervirhiewen.

Do gëtt et säit 1992 eng Associatioun, déi als But d'Protection transfrontalière vun de Flantermais huet, wou e ganze Réseau vu Siten opgeléicht ass, wou Lëtzebuerg och sechs Siten huet. Dat Ganzt betrëfft Lëtzebuerg, d'Belsch, Frankräich an Däitschland. Dat ass ee Projet, dee finanziell bis zu 50% ënnerstëtzt gëtt vum Programme "Life". Och ass ervirzehiewen, dass dee Projet eng Auszeechnung krut vu Bréissel. E krut de sougenannte "Life Award". En ass ënnert 360 Projeten, déi am Naturschutzberäich erakomm waren, erausgewielt ginn, fir auszeechent ze ginn.

Schlussendlech wëll ech nach op de Projet vum Syndikat SICONA hiweisen, dee säit 1998 e Programm huet, fir sechs verschidden Zorte Flantermais zu Lëtzebuerg méi speziell ze protégéieren, déi all op der rouser Lëscht stinn. Et geet ënner anerem drëm, fir zum Beispill an de Kierchtiern mä och op anere Plazen nei Méiglechkeeten ze schafen, fir dass d'Flantermais do kënnen iwwerwanteren oder Gîtë fannen.

Ech si frou, dass dëse Projet eng grouss Unanimitéit fënnt, a soen Iech merci.

M. le Président. - D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4518.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi 4518 ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Willy Bourg), Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Nicolas Strotz), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Xavier Bettel) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Jean Colombero) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zu der Diskussioun vum Projet de loi 4541, eng Konventioun iwwer verschidde chemesch Produkter a geféierlech Pestiziden. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Schank a Bodry. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gusty Graas.

6. Projet de loi 4541 portant approbation de la Convention de Rotterdam sur la procédure de consentement préalable en connaissance de cause applicable à certains produits chimiques et pesticides dangereux qui font l'objet d'un commerce international, faite à Rotterdam, le 10 septembre 1998

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gusty Graas (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass gewosst, datt et leider eng Rei vu chemesche Produite gëtt, déi ganz schlëmm Konsequenzen op d'Gesondheet vum Mënsch a vun der Natur kënnen hunn. Obwuel dat bekannt ass, gi leider nach ëmmer enorm Quantitéite vun dëse Gëfter agesat. Souwäit, datt och eng Rei vun deene schiedleche Substanzen och leider schonn an eiser Ernährungsketten dra sinn.

Den iwwerdriwwenen Asaz vu Chemie a ville Liebensberäicher ass ouni Zweifel zu engem seriöse Problem vun eiser Gesellschaft ginn. All Joer stierwe weltwäit Gausende vu Leit oder gi vergëft, well si a Kontakt mat dëse Substanzen kommen. Ech wëll hei de Gebrauch vu chemesche Mëtzel awer sécherlech net verdäiwelen, well dat wär keng realistesch an objektiv Approche.